PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 05/06/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Mobilitéit & Justiz weiderzeleeden.**

Um Site vun der SNCA kann een noliesen

> "*Il est interdit de changer le numéro d'immatriculation d'un véhicule déjà immatriculé au nom d'une personne. Une exception est faite lors du vol des plaques d'immatriculation.*"

Mir ass bekannt, dass d'Plaquen och kënne gewiesselt ginn op Autorisation hi vum Minister, dofir awer tréffteg Grënn musse virleien. Een esou ee Grond ass, wann zum Beispill eng Persoun (Affer) an der Bedrohung ass, dass Iwweldéiter se iwwert hir Nummereplaque kéinten fannen. Dofir brauch een awer ee Beweis, wéi zu Beispill ee Procès-verbal vun der Police. Aktuell kann dat awer mol Wochen daueren.

An urgente Fäll, wou d'Leit an Angscht musse liewen, well ee si bedrot a ee riskéiert duerch d'Nummereplaque gesinn ze ginn, ass et awer eng Zoumuddung, esou laang op ee Wiesselen vun enger Nummereplaque ze waarden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir Konditiounen muss eng Persoun erfëllen, déi hir Immatrikulatiounsplacken wëll änneren, wa se kee Vol deklaréiert?
   Wéi eng Démarchë muss den Demandeur an deem Fall maachen a wat kascht de Wiessel an deem Fall?

2. Wat fir Konditiounen muss eng Persoun erfëllen, déi hir Immatrikulatiounsplacken wëll änneren, wa si ee Vol deklaréiert?
   Wéi eng Démarchë muss den Demandeur an deem Fall maachen a wat kascht de Wiessel an deem Fall?

3. Féiert den aktuelle System an den Aen vun de Ministeren dozou, dass d'Leit tentéiert kënne ginn, fir ze léien, wa si wëllen, dass d'Plaque mi schnell gewiesselt soll ginn a fir sech esou d'administrativ Prozeduren an d'Käschten vun der Démarche z'erspueren?

4. Besteht am aktuelle System de Risiko, dass Krimineller de System ausnotzen, andeems si einfach fir de Changement vun enger Plaque selwer Vol melden, fir d'Plaquenummer ze wiesselen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten